PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°1889
Entrée le 04.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Ee WORT-Artikel vum 23ten Dezember 2024 hat informéiert, dass op der Schnellstreck vum Tram tëschent der Stad an dem Belval elo dach ee weideren Arrêt kéint kommen. D'Ministesch huet dës Informatioun an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1714 bestätegt. Op d'Fro, wien déi Opfaart baut, do huet d'Ministesch geäntwert:

> "*De Bau vun enger neier Autobunns - Opfaart an - Offaart op der Säit vu Steebrécken an vun der Autobunnsopfahrt a Richtung Stad gëtt vun der Firma Félix Giorgetti S.à r.l. realiséiert. Bei den ëffentlechen Ausschreiwungen huet dës Baufirma déi gënschtegst Offeren ofginn, an deemno och hei den Zouschlag krut.*"

Et schéngt praktesch, dass zäitgläich direkt nieft der Opfaart och de Projet GridX vum Besëtzer vun der selwechter Baufirma gebaut gëtt, wéi d'WORT schonn am Artikel erkannt hat.

> "*Die Haltestelle würde in direkter Nähe zum GridX entstehen. Das Großprojekt der Giorgetti-Gruppe […]*"

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Fënnt d'Ministesch et net komesch, dass déi Firma, déi op dëser Plaz am meeschte vun enger direkter Ubannung profitéiert, déi beschten Offer konnt ofginn?

2. Deelt d'Ministesch meng Aschätzung, dass dës Firma bei der ëffentlecher Ausschreiwung hätt missten écartéiert ginn, well dës Firma u sech mat Steiergelder hir eegen Opfaart gebaut huet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten